PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/05/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Energie, Konsumenteschutz & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Mir gouf ee Fall zougedroen, wou eng Persoun an hirem Haus wollt d'Gasheizung duerch eng ëmweltfrëndlech Wärmepompel ersetze loossen, dëst awer duerch hire Kontrakt mat hirem Gasliwwerer verbuede krut. Et handelt sech beim Gasliwwerant ëm d'Firma Sudenergie, enger Aktiegesellschaft, déi 14 Südgemenge gehéiert.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet de Staat eng Handhab driwwer, wa Leit hier Heizung wëlle renovéieren, mee dëst an engem Kontrakt tëscht dem Energieliwwerant an dem Konsument verhënnert gëtt?

2. Wéi vill Fäll goufen de Ministèrë bis elo matgedeelt, bei deene Persounen net aus hirem Kontrakt erauskommen, fir energetesch Sanéierungen duerchzeféieren?

3. Wéi wäert d'Regierung dofir suergen, dass an Zukunft all Bierger hei am Land op nohalteg Energiequelle kann ëmsteigen, och wa Kontrakter mat Energie-Liwweranten dëst blockéieren?

4. Am Hannergrond vun der Klimakris an der néideger Energietransitioun, wäert d'Regierung mat Südenergie souwéi aneren Energie-Liwweranten zesummekommen, fir besser Modalitéiten auszeschaffen, fir dass Clientë méi einfach aus hiren ale Kontrakter erauskommen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député